

hei diskutéiert hunn. Ech wëll trotzdeem, am Numm vu mengen zwee Kolleege Claude Wiseler a Jean-Marie Halsdorf, eis Satisfaktioun soen iwwert deen Débat, deen de Mëtteg e ganz konstruktiven Débat war.

Wéi de Kolleeg Paul Helminger zu Recht gesot huet, komme mer mat deem Débat a mat deem Konsens, deen haut scelléiert gëtt engersäits tëschent dem Stat an der Stad Lëtzebuerg, mä och der Tatsaach, dass véier vun de fënnf Fraktiounen hei am Parlament de Mëtteg hire prinzipiellen Accord zu deem Wee ginn hunn, an deenen Interventiounen, déi mer héieren hunn, fir an déi Richtung ze goen, aus der Rangéiergare eraus, wéi hien et gemengt huet, fir wierklech d'Geleeënheet elo ze kréien, am Volltempo an d'Ëmsetzung vun deenen eenzelne Projeten ze goen an dann iergendwou sécherlech och eng Kéier op de Punkt ze kommen, fir eng Prioriséierung an de Realisatiounen ze maachen.

Mä ech mengen, wéi ech virdru gesot hunn, ass dat sécherlech haut ze fréi. De Moment wäert awer kommen, wou mer par rapport zu dem gesamten Investitionsvolumen, deen dat hei bedeit, eng Rei vu klore Prioritéite musse setzen, an ech mengen, déi Zäit wäerte mer eis dann huelen.

Ech wëll soen, dass mer op zwou Froen nach wëllen agoen. Engersäits op dat wat de Kolleeg Roland Schreiner gefrot huet am Zusammenhang mat dem Rôle vun der CFL an deem wat den neien Tramspojet soll bedeiten. Ech mengen, do gëtt et zwou Äntwerten.

Engersäits ass et kloer, dass de Rôle vun der CFL an deem heite Konzept net méi déiselwecht Bedeutung huet, wéi en en nach beim Train-Trams-Konzept hätt kënnen hunn. Ech mengen, dat schéngt mer evident ze sinn an op der Hand ze leien.

Ech mengen trotzdeem, dass d'CFL hei bei engem dach schinnegebonnene Konzept, wat mer hei hunn, eng Roll ka matspillen an där Sociéitéit, déi ze schafe wäert sinn, an ech mengen och, dass eleng de Fait, dass et och eng Joint Venture um Niveau vun der Maintenance muss ginn, dass ee sollt versichen, de Centre de Maintenance, dee mer amgaang sinn ze bauen, esou ze konzipéieren, dass och muer déi Tramsrammen, déi do mussen enger Revisioun ënnerzu ginn oder soss enger Maintenance, kënnen profitéiere vun deem Know-how, wéi Der zu Recht gesot hutt, an deenen Infrastrukturen, déi do sinn.

Ech mengen, eleng déi Tatsaach mécht, dass d'CFL eng Roll ze spille wäert hunn, mä sécherlech e Rôle moindre grand wéi deen, deen natierlech an engem Train-Trams-Konzept noutwendeg gewiescht wär.

Ech mengen och, dass ech dobäi bleiwen, dass mer e Konzept musse strécken, wat en öffentlech-privat Konzept ass. Ech mengen, mir hunn echt eng Rei vun Investoren, déi interesséiert sinn, fir sech hei un deem Konzept ze bedeelegen, an déi Chance sollte mer onbedéngt och notzen.

Ech wëll also soen, dass déi Motioun, déi deponéiert ginn ass vun den Deputéierte vun deene véier Fraktiounen, eng ass, déi den Aval vun der Regierung fënn, an där mer eis erëmfannen an déi eis dee Mandat an och déi Chancë gëtt, fir elo, wéi gesot, mat Volldamp weider un der Ëmsetzung vun deem Projet ze schaffen an eis iwwert dee Konsens ze erfëeën, dee mer an deene leschte Wochen a Méint duerch déi Method, déi mer gewielt hunn, och fäerdeg bruecht hunn.

Ech wëll dann zweetens a leschtens kuerz och iwwert d'Motioun vum ADR an iwwert déi puer Bemerkungen, déi hei gemaach gi sinn, e puer Wuert soen, net nëmme fir déi Formulatioun zréckzeweisen, déi dach awer de Mëtteg déi eenzeg polemesch Formu-

latioun war, fir ze soen, dass dat, wat hei geschafft ginn ass an deene leschte Wochen a Méint, als total onseriö ze betitele wär.

Ech mengen, dass ech mech net géif heihinner stellen, fir zum Beispill de Projet Schummer als en total onseriöen duerzustellen. Ech respektéieren alles wat jiddfereen, deen hei e gewëssene Know-how, eng gewësse Kompetenz huet, an deene leschte Méint a Joren hei duergeluecht huet, an ech géif am Dram net drun denken, fir déi Aarbechten an déi Méi, déi sech déi Leit gemaach hunn, als total onseriö ze betitelen. Duerfir weisen ech och zréck, dass een d'Aarbecht vun deenen Experten, déi am Numm vum Stat, vun der Stad Lëtzebuerg, vun der Eisebunn, vun der Ponts et Chaussées, vum Fonds du Kirchberg an esou viru mat de Bureau-d'étudë geschafft hunn, als total onseriö dohinnerstellt.

An da wëll ech doriwwer eraus soen, dass de Projet, loosse mer einfach bei der Betitelung Schummer bleiwen, dass deen och net nëmmen duerch eng Etüd vu mengem Virgänger schonn en long et en large analyséiert ginn ass an ze liicht befonnt ginn ass, mä dass en och an dem Aarbechtsgrupp en long et en large mat sengen Avantage an Désavantages analyséiert ginn ass, an och do sécherlech eng Rei vun Avantage - an dat steet jo och prezis an transparent an éierlech an dem Projet vun dem Aarbechtsgrupp dran - dra sinn an esou virun, mä dass insgesamt gesinn de Projet vill méi No-deeler huet.

Ech mengen, dass hei gemaach ginn ass, wéi wann dat den Dramprojet wär. Och dee Projet kascht enorm vill Geld. Et kascht 1,2 Milliarden Euro, fir dat ze maachen.

Niewent deem wëll ech lech soen, dass dat jo net géllt, wann een iwwert den Tram schwätzt an der Stad Lëtzebuerg, dass dat natierlech an der Bauphas eng Rei vun Nuisances wäert mat sech bréngen, mä et ass jo awer net esou, dass, wa mer muer en Tunnel duerch d'Stad maachen an esou virun, dat esou iwwert d'Bühn geet, dass kee Mënsch un der Uewerfläch mierkt, dass mer do mat engem Chantier amgaange sinn. Dat ass dach de Leit wierklech Dommheete verzielt, fir esou ze maache wéi wann dat géif iwwert d'Bühn goen, ouni dass iergendeen eng Kéier knaschteg Féiss géif an der Stad kréien, an de Rescht wär nëmme konfrontéiert mat Problemer.

Da muss ech soen, wann een dann och op eng despektéierlech Aart a Weis vum „Trämchen“ schwätzt an esou virun, dass den Här Schummer virun dräi Joer, en sachant bien, dass ebe just säi Projet vum ënnerierdeschen Zuch keng Äntwert wär op all déi Froen, nach en Tram dropgesat huet vun 300 Milliounen. Wann een also hei de Coût vun 1,2 Milliarde seet, da muss ee soen, dass och nach eng Kéier 300 Milliounen derbäikomme fir en Tram, well och hie gemierkt huet, dass d'Tatsaach, dass hie vun der Gare bis an d'Uewerstad nëmmen een Arrêt huet, net onbedéngt den Usageren entgéintkënn, esou dass hien och nach eng Kéier en Tram dropgesat huet fir aner Plazen an esou virun, deen nach eng Kéier 300 Milliounen kascht.

An et muss ee wëssen, mat deenen Erfahrungen, déi mer am Moment maachen, an déi virun allem de Bauteminister mat Tunnelle mécht, dass, wa mer dat muer maachen, dat och nach net esou sécher ass, dass déi 1,2 Milliarden Euro och definitiv dat sinn, wat dat dann herno kascht.

(Interruption)

An da muss ech och soen, wa mer iwwert d'Attraktivitéit schwätzen, da kann ee soen, hei déi Fro, ob den öffentliche Transport soll an de Buedem goen an den Individualverkéier um Niveau vun der Uewerfläch bleiwen, dass dat eng ideologesch ass.

(Interruption)

Op där anerer Säit muss ech awer soen, dass d'Tatsaach, dass mer de Leit och géifen zoumudden - wann ech dat dann esou däerf soen -, fir muer op 60 Meter erofzuegoe mat Liften an esou virun, ob dat onbedéngt dat Verkéiersinstrument wär, wat d'Leit géifen ophuelen als eng Äntwert op d'Mobilitéitsproblemer an der Stad an esou virun, dat ass och nach ze gesinn. Deen dote Problem ass also ganz eescht analyséiert ginn. Ech hunn den Här Schummer mat senge Protagoniste selwer empfangen, fir déi Argumenter do de vive voix mateneen ze diskutéieren.

Iwwregens ass et net richtig, wann Der hei gesot hutt, dass d'Capacitéite vum Tram an der Stad bei 10.000 leien op der Stonn. Déi leie bei 16.000, esou wéi et genau nogerechent ginn ass. Dat ass also scho par rapport zum Bus op den Hauptachsen e ganz groussen Ënnerscheed.

An da muss ech lech och soen, Här Mehlen, dass ech d'Gefill hat zu engem gewëssene Moment, dass Der an de Chifferen awer Vergläicher gemaach hutt mat dem Train-Trams-Konzept, dat Konzept, wat mer am Prinzip jo haut awer ad acta geluecht hunn, esou dass een déi Chiffere muss vergläiche mat deem Konzept vun de Gare-périphériques, vum Tram a vun den neie Linnen op Esch an op Beetebuerg, an net mat engem Train-Trams-Konzept, wou mer haut zur Konkusioun kommen, dass dat net de richtige Wee ass.

Ech mengen also, dass ee muss oppassen, wann een heihinner kënnt an et mécht ee wéi wann déi aner lauter Toperte wäeren an een deen Eenzege wär, deen dat Richtegt, deen d'Wourecht gepacht hätt an esou virun, dass mer do ganz seriö driwwer diskutéiert hunn. Duerfir géif ech och d'Chamber bidden, fir déi Motioun vum ADR ofzelehnen.

Merci.

■ **Plusieurs voix** - Très bien.

■ **M. le Président**.- Merci, Här Minister.

■ **M. Gast Gibéryen** (ADR).- Parole après ministre.

■ **M. le Président**.- Jo. Här Mehlen!

■ **M. Robert Mehlen** (ADR).- Här President, Dir wësst, datt ech net dovunner abuséieren, mä zwee Wuert.

Den Här Minister huet gesot, säi Virgänger hätt dee Projet vum Här Schummer en long et en large analyséiere gelooss. Déi Analys ass gemaach gi vum selwechte Bureau d'études Basler, deen de Modul K entwéckelt huet, wat scho vum Choix hier net seriö ass.

Da kënnt déi Etüd zum Resultat - global, ech ginn net op Detailler an -, datt de Projet net ze realiséiere wär. Den Här Schummer bréngt a sengem Dokument, wou hien de ganze Projet développéiert, den Avis vum Här Professer Zumkeller, dem Chef vum Institut fir Verkéierswiese vun der Uni vu Karlsruhe, deen him schwaarz op wäiss bescheinegt, datt säi Projet ohne weiteres ze realiséiere wär.

Här Minister, do leie Welten dertëscht. Dofir, wa mer hei iwwer eng Analys vun deem engen an deem anere Projet schwätzen a wierklech net Äppel mat Bire wëlle vergläichen, mä och tatsächlech kucken, wat kascht dat eent, wat kascht dat anert, wat bréngt dat eent a wat bréngt dat anert, dann, wann ech gelift, muss dat eng seriö Etüd sinn an net eng Etüd vun enger Firma, déi iwwerhaupt keen Intérêt drun huet, fir dat ze realiséieren, well si leschten Enns dee Projet entwéckelt huet, deen...

(Interruption)

...als Konkurrenz dergéint stoung.

■ **M. le Président**.- Jo, kommt, den Här Henckes nach.

(Interruptions diverses)

■ **M. Jacques-Yves Henckes** (ADR).- Ech wëll drop hiweisen, Här Minister, datt an deem Rapport, dee mer hei hunn, vun dem Groupe d'experts gesot gëtt, datt an engem Tram duebel Garnitur 250 Leit kéinten zirkuléieren, an dat am Dräi-Minuten-Takt, dat heescht also 20 Trame mol 250. Ech weess net wéi Dir do op 12.000 kommt. Ech wollt dat just nuren ugin. Entweder sinn d'Donnéen hei falsch oder Är Rechemaschinn huet e Problem.

Merci.

■ **Plusieurs voix**.- Ah!

■ **M. le Président**.- Gutt, da kuckt den Här Minister dat no.

Motion 1

Mir kommen dann zur éischter Motioun, déi vum Här Schreiner déposéiert ginn ass.

Kënne mer déi par main levée ofstëmmen?

(Négation)

De Vote électronique ass verlaangt, da maache mer dat.

(Interruption)

Wie freet de Vote électronique?

(Interruption)

Jo. De Vote fänkt un.

Vote

D'Motioun ass ugehall mat 55 Jo-Stëmmen, bei 4 Nee-Stëmmen an 1 Abstentioun.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen (par Mme Nancy Arendt), MM. Marcel Glesener, Norbert Hauptert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, François Maroldt, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Patrick Santer, Marcel Sauber (par M. Marcel Oberweis), Jean-Paul Schaaf (par Mme Martine Stein-Mergen), Marco Schank, Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen (par M. Norbert Hauptert), Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry (par M. Marc Angel), John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err (par M. Roger Negri), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider (par Mme Claudia Dall'Agnol), Roland Schreiner et Mme Vera Spautz (par M. John Castegnaro);

MM. Xavier Bettel, Niki Bettendorf (par M. Xavier Bettel), Mme Anne Brasseur (par M. Henri Grethen), M. Emile Calmes, Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Henri Grethen, Paul Helminger, Claude Meisch (par M. Emile Calmes) et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz (par M. Claude Adam), Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter.

Ont voté non: MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.

S'est abstenu: M. Aly Jaerling.

Motion 2

Da komme mer zur Motioun vum Här Henckes. Ech denken, dass och do de Vote électronique gefrot ass.

(Interruptions diverses)

■ **M. Henri Grethen** (DP).- Jo neen, Dir kënnt jo net fir fënnf schwätzen.

■ **M. le Président**.- Entschëllegt, Här Jaerling!

■ **M. Aly Jaerling** (ADR).- Ech wëll dat dann direkt kloerstellen, dass ech hei all Motioun mat ënnerstëtzt weinst dem Dépôt, net onbedéngt weinst dem Inhalt, well ech einfach vum demokratesche Prinzip hier nach ëmmer der Meinung sinn, egal wat hei geschitt, dass all Deputéierte muss d'Recht hunn, hei eng Initiativ ze ergräifen. Där Meinung war ech vun Ufank un an ech wäert och bei där Meinung bleiwen.

■ **M. le Président**.- Gutt, dat huele mer zur Kenntnis. Elo kommen...

(Interruption)

■ **M. Ben Fayot** (LSAP).- Dann ass ee gewéinlech domat d'accord.

■ **M. Gast Gibéryen** (ADR).- Här President, ech wollt dann och direkt kloerstellen, dass dat selbstverständlech vun eiser Säit och esou ass.

■ **M. le Président**.- Dat ass jo großer Friede-Freude-...

(Brouhaha général)

Grouss Eenegkeet an der Fraktioun vum ADR. Da komme mer elo zum Vote.

(Interruption et hilarité)

■ **M. Charles Goerens** (DP).- Firwat si si sech net eens ginn, Här President?

(Hilarité)

■ **M. le Président**.- Här Goerens, dat kënnt Der mech net froen, dat musst Der si froen.

Vote

D'Motioun ass ofgelehnt mat 55 Nee-Stëmmen, bei 5 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.

Ont voté non: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen (par Mme Martine Stein-Mergen), MM. Marcel Glesener, Norbert Hauptert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, François Maroldt, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Patrick Santer, Marcel Sauber (par M. Marcel Oberweis), Jean-Paul Schaaf (par Mme Sylvie Andrich-Duval), Marco Schank, Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen (par M. Norbert Hauptert), Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry (par Mme Claudia Dall'Agnol), John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err (par M. Marc Angel), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider (par M. Fernand Diederich), Roland Schreiner et Mme Vera Spautz (par M. Ben Fayot);

MM. Xavier Bettel, Niki Bettendorf (par M. Xavier Bettel), Mme Anne Brasseur (par Mme Colette Flesch), M. Emile Calmes, Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Henri Grethen, Paul Helminger, Claude Meisch (par M. Emile Calmes) et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz (par M. Claude Adam), Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter.

Dir Dammen an Dir Hären, mir kommen dann zum nächste Punkt vun eisem Ordre du jour, dat sinn d'Konte vum Service intérieur vun der Chamber. De Rapporteur huet d'Wuert, den honorabelen Här Castegnaro.

3. 5542 - Comptes du service intérieur de la Chambre des Députés pour l'exercice 2004

Rapport de la Commission du Contrôle de l'exécution budgétaire et des Comptes

M. John Castegnaro (LSAP), *rapporteur*.- Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, ech weess net wéi et lech geet, mä ech fille mech no deene Stonne wéi geredert, mä et war jo fir de gudden Zweck. Ech entschëllege mech elo schonn duerfir, dass ech nëmmen iwwer Milliounen an net iwwer Milliarde schwätze wäert, an dass deen Thema natierlech méi dréchen, awer duerfir méi konkret ass, méi real ass, well et d'Konte vun eise Haus sinn, déi Joer fir Joer op den Dësch kommen an domat eigentlech e kloer Fall duerstellen oder duerstelle sollen.

Mir beschléissen also haut iwwer eis eege Konten, iwwert d'Geld, wat mer vun der Allgemengheet zur Verfügung gestallt kréien, fir eis Aufgab hei am Interesse vum Land a vu senge Bierger kënnen ze erfüllen. Mir wëssen an och anerer wëssen: D'Demokratie, och déi, kascht Geld, mä wann een d'Konte vun der Chamber kuckt, dann ass dee Käschtepunkt am Verglach zu villem aneren nach e relativ geréngen.

Dir wësst, dass d'Einnahmen oder d'Dotatioun vun eiser Chamber 26.929.000 Euro bedroen, dass d'Chargen oder d'Ausgabe 26.352.000 an eppes méi waren, wat dozou féiert, dass mer dann awer en Iwwerschoss hunn oder e Benefiss, géng ee soen, vu 577.304,58 Euro. Dat ass déi global Iwwersiicht. Dat ganz Zuelematerial fannt Der am Rapport iwwert den Exercice 2004 erëm; dat konnt Der och noliesen.

Ech wëll net op all dat agoen, mä op e puer interessant Zuelen an awer och e puer Iwwerleeungen ustellen.

Virun allem wëll ech éischstens ënnersträichen, dass d'Commission du Contrôle de l'exécution budgétaire et des Comptes hei fungéiert an hirer Roll an Aufgab vu Kontroll a Kontekommissioun, fir eis eege Konten ze préiwen a Rechenschaft ofzeleeën an entspriechend entweder ze proposéieren, déi Konten unzehuelen oder ofzelehnen. Haut proposéiere mer se unzehuelen.

Zweetens, d'Kontekommissioun huet domat eng kloer Missioun, mä si erfëllt se zesumme mat engem onofhängege Réviseur d'entreprises an dësem Fall, déi vun eis bestëmmte Revisiungsgesellschaft KPMG Audit s.à r.l.

Drëttens, eis Aarbecht ass awer nëmme méiglech dank enger preziser, propperer an transparenter Aarbecht, déi eise Service de comptabilité leescht; duerfir deenen all a stellvertriedend der Madame Biasini Ginette en décke Merci, mä och allen anere Mataarbechter vum Greffe an natierlech de Kolleeginnen a Kolleegen aus der Kommissioun.

E puer kritisches Bemierkungen. D'Chamber soll a muss ëmmer mam gudden Beispill virgoen. Dat heescht, mir hätten an dësem Fall eigentlech d'Konte vum Joer 2004 scho misse an leschte Joer hei verabschieden. Dës Verspéidung, déi agetratt ass, ass net op eis Kommissioun, mä op eng Verspéidung vun eise Rechnungspräifer. Dat huet och dozou gefouert, dass d'Kommissioun den ausdréckleche Wonsch geäussert huet, dass d'Auditfirma eis nach an dësem Joer alles dat liwwert, wat mer brauche fir d'Konten 2005 virum Enn vum Joer ofzeschlëssen.

Zu deene gudden Beispiller gehéiere weiderhin d'Transparenz vun eisen Zuelen, fir dass eist eegent Finanzgebahren iwwerschaubar ass. Ech géng soen déi Viraussetzungen erfëlle mer. Wa Virschléi diesbezüglich ze maache sinn, da si se natierlech ëmmer wëllkomm.

Konsequent musse mer op si fir Problemer, déi optrieden an der

Verwaltung a Verwendung vun öffentleche Gelder, vun Deniers publics fir déi mir hei d'Responsabilitéit droen, dass esou Problemer schnell a rücksichtslos am Interesse vun dësem Haus, der Glaubwürdegkeet vun dësem Haus gekläert ginn. A wa mer iwwert d'Realisierung vun der Parteiefinanzierung eeschtaft wëlle schwätzen, dann ass dat och eng Fro vun effikasse Kontrollmechanismen an ebe vun totaler Transparenz.

Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, d'Konte vum Joer 2004 ënnerscheede sech an der Héicht vun der Dotatioun a vun den Ausgabe vun anere Jore ganz einfach dowéinst, well 2004 e Wahljoer war an dat Méiausgabe generéiert huet. Dir wësst, dass eise Budget d'Parteiwahlcampagnë matfinanziert. Dat waren 1.624.500 Euro. Dir wësst, dass, wann eng Sessioun op d'Enn geet an eng nei ufänkt, eng Iwwerlappung stattfinnt fir déi Deputéierten, déi net méi erméigewelt gi sinn oder déi net méi dobäi waren, wat och eng Méiausgab ausmécht. Entsprechend ass et och schwéier eben d'Joer 2004 mat deene puer Joer virdrun absolut kënnen ze vergläichen.

Ech hu gesot, ech wëll net op honnerten Zuelen hei agoen. Et kann een iwwert de Bilan natierlech eppes soen. De Bilan huet mat engem Actif vun 10.500.000 ofgeschloss. D'Avoirs en banques et en caisse sinn 9,7 Milliounen - ech rënnen all Kéiers of -, an dat ass e Plus vun 2,2 Milliounen par rapport zu deem Joer virdrun.

Déi Hauptposten op der Passif-Säit, dat sinn d'Excédents budgétaires cumulés vu ronn 7,1 Milliounen, mä dann och nach vu Scholden, déi mussen am Laf vum Joer bezuelt ginn, dat waren 2,5 Milliounen. Ech hu scho gesot mir hunn e Benefiss gemaach vu ronn 577.000 Euro. Dat sinn 1,3 Milliounen manner wéi 2003. D'Erklärung hunn ech lech geliwwert, dat ass haaptsächlech wéinst der Bedeelegung un de Campagnes électorales.

Wat e bësse méi spannend feststellen ass, dat ass éischstens de Verglach tëschent dem Budget alloué an de Frais réellemment encourus, zweetens d'Evolution vun de Fraisë par rapport zum viregte Joer. Do gesäit een, dass mer bei den tatsächlechen Ausgaben ëm 10% ënnert dem Budget leien, dat si 26,3 Milliounen vis-à-vis vun 29 Milliounen vun deem Joer virdrun. Wat de Verglach mat dem viregten Exercice betrëfft, ergëtt sech eng Croissance vun Dépenses vun 10,43%, allerdéngs erëm eng Kéier duerch d'Wahlcampagne, esou dass déi allgemeng Dépenses, déi regelméisseg sinn, ëm 3,62% gestiege sinn.

Et sollt een och hei rappeléieren, dass et dräi wichteg Postë bei eis gëtt: d'Deputéierten, d'Personal an d'Groupes politiques, déi Charges fixes hunn, déi och gewëssenen Automatismen ënnerleien, wéi dem Punktwäert, wéi dem Index an aneren.

Dann nëmmen ervirzesträiche personalméisseg: Et schaffen an der Chamber 51 Fonctionnaires, sechs Employéën an een Aarbechter. Dat sinn 58 Leit. Dat sinn der zwee méi wéi dat Joer virdrun. An Dir wësst, dass mer selwer hei konstant zu 60 sinn an och entspriechend op der Fraisësäit ermëtzefanne sinn.

Ech wëllt ervirsträichen, dass d'Regierung méi oft ënnersträicht, dass bei där viller Aarbecht, där Méiaarbecht, déi duerch Bréisseler Direktiven an aner Obligatiounen op si zoukomm ass, se vill Problemer huet, fir déi ze bewältegen.

Dat stëmmt jo och a vläicht nach vill méi fir dëst Haus. Mir si vill manner gutt équipéiert wéi de gesamte Regierungssapparat a mir ënnersträichen awer selwer ëmmer an ëmmer méi, dass mer eis mussen och dorop astellen. Mir wëlle méi maachen, mir wëllen eis méi fréi, méi schnell a méi effikass an deen

europäesche Prozess aschalten, fir dee kënne mat ze gestalten oder mat ze beaflossen. An ech sinn do eens mat mengem Kolleeg, dem honorabele Ben Fayot, deen ëmmer erëm bei ville Geleeënheeten ënnersträicht, dass mer net derlaanscht komme wäerten, fir méi an entspriechend qualifizéiert Personal anzustellen, wat natierlech dann och méi héich Personalkäschten heescht, mä fir eng besser a méi schnell Aarbecht.

Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, fir nach eng Kéier op d'Zuelen zrëckzekommen, wollt ech mentionnéieren, dass 2004 d'Frais d'administration mat 7,5 Milliounen Euro praktesch onverännert bliwwen sinn, souguer liicht méi déif waren, an dass d'Fraisë vum Analyteschen, vum Compte rendu vun 1,2 Milliounen op 955.000 Euro gefall sinn.

Et muss een awer - an dat war an der Zäit jo ëmmer en Thema - fairerweis an dee Betrag do d'Chamber TV mat arechnen, déi bal eng hallef Millioun Euro kascht an och eisen Internet mat 233.000 Euro, wat dann en Total vun 1.679.470 Euro ausmécht. An ech wëll dat an de Verglach setze mat deem leschten Analyteschen, deen an all Haushalt geliwwert ginn ass, dee mat der Chamber TV zesummen 1.916.000 Euro kascht huet. Et gesäit een, dass mer also do zrëckgaange sinn an de Fraisën; natierlech eisen Analyteschen och net an all Haushalt méi geliwwert gëtt.

Bevir ech ofschléissen, Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, wollt ech eng Iwwerleeung un de Büro hei richten an un lech natierlech, Här President. Den 12. Oktober d'lescht Joer huet de Statsminister eis hei mat schlechten Notiichten net iwwerrascht, mä konfrontéiert, a méi spéit och de Budgetminister an eng ganz Rei Riedner a Spriecher vun den eenzelne Fraktiounen. Den Tenor war dee vum Spueren, a mir sinn eigentlech alleguer drop higewisen an ermahnt ginn, dass ee méi spuere misst an dass een d'Ausgaben drossele sollt.

An do stellen ech mer d'Fro, Här President, ob d'Parlament do abseits stoe kann, oder ob mir déi sinn, déi mam Fanger op déi aner weise respektiv d'Regierung an hiren Efforten ënnerstëtzen a selwer net iwwert den eegene Spuerpotenzial bei eis selwer nodenken oder en op d'mannst iwwerpräiwen. Dat wier och eng Fro vum gudden Beispill a géng och zu der Glaubwürdegkeet vun deem Haus hei zousätzlech bäidroen; ech weess zwar och net wou dat geschéie kënn.

A menger Fantasie hat ech mer virgestallt, dass ee bei deene villen Auslandsreese vläicht d'Zuel vun de Reesende kéint reduzéieren. Da sot Der mer, ech géng selwer net reesen, dat wier e gudden Virschlag vu menger Säit - mä vläicht hu mer Fantasie genuch. Mä virun allem, mengen ech, beispillhaft, wéi mer sollte sinn, fanne mer och bei eis wou ee spuere kann, an dat wier menger Meinung no e flott Beispill wat een awer am richtege Moment och géng ginn.

Ech wier um Schluss a géng nach eng Kéier bieten, dass déi Konten, déi vun eiser Kommissioun gekuckt an approvéiert gi sinn an déi och de Réviseur d'entreprises indépendant bestätegt huet, konform si mat de gesetzlechen Dispositiounen. An der Konkusioun géng ech proposéieren, déi folgend Resolutioun ze stëmmen, déi Der op der Säit 18 vum Rapport vun der Comexbu kënn noliesen:

Résolution

La Chambre des Députés,

- vu le rapport de sa Commission de l'exécution budgétaire et des Comptes,

approuve les comptes de l'exercice 2004 et

prie son Président de transmettre la présente résolution et le rapport de la Commission du Contrôle de l'exécution budgétaire et des Comptes à la Cour des Comptes pour y être enregistrés.

(s.) François Bausch, Lucien Clement, Ben Fayot, Gast Gibéryen, Henri Grethen.

Merci, Här President. Merci, Kolleeginnen a Kolleegen.

Plusieurs voix. - Très bien!

M. le Président.- Sou, Dir Dammen an Dir Hären, wa kee méi zu dem Rapport vum honorabelen Här Castegnaro nach eppes wëllt bäifügen, da komme mer zum Vote vun der Resolutioun, sou wéi hie se elo just virgelies huet.

Vote

D'Konte sinn unanime mat 60 Jo-Stëmmen ugehall.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen (par Mme Françoise Hetto-Gaasch), MM. Marcel Glesener, Norbert Hauptert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, François Maroldt, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Patrick Santer, Marcel Sauber (par M. Marc Spautz), Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen (par M. Norbert Hauptert), Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry (par Mme Claudia Dall'Agnol), John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err (par M. Marc Angel), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider (par M. Roger Negri), Roland Schreiner et Mme Vera Spautz (par M. Fernand Diederich);

MM. Xavier Bettel, Niki Bettendorf (par M. Xavier Bettel), Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes, Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Henri Grethen, Paul Helming, Claude Meisch (par M. Emile Calmes) et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz (par M. Claude Adam), Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.

Da komme mer zum nächste Punkt vun eise Ordre du jour.

4. Résolution de la Commission du Contrôle de l'exécution budgétaire et des Comptes concernant les comptes de l'exercice 2004 de la Cour des Comptes

Am Numm vun der Kontekommissioun huet den Här Henri Grethen eng Resolutioun deposéiert iwwert d'Gestioun vun de Konten aus dem Joer 2004 bei der Cour des Comptes.

(Interruption)

Hien deposéiert se elo an da kënne mer direkt driwwer ofstëmmen.

Résolution

La Chambre des Députés,

- vu que le réviseur des comptes de la Cour des Comptes estime dans son rapport que «les comptes annuels ci-joints donnent, en conformité avec les prescriptions légales et réglementaires en vigueur au Luxembourg, une image fidèle du patrimoine et de la situation financière de la Cour des Comptes au 31 décembre 2004 ainsi que des résultats de l'exercice terminant à cette date»;

- vu que la Commission du Contrôle de l'exécution budgétaire et des Comptes a marqué au cours de sa réunion du 19 septembre 2005 son accord avec le rapport du réviseur des comptes

approuve

les comptes de l'exercice 2004 de la Cour des Comptes.

(s.) Henri Grethen, François Bausch, Alex Bodry, Ben Fayot, Michel Wolter.

Kënne mer doriwwer par main levée ofstëmmen?

(Assentiment)

Vote

Voilà. Wien ass d'accord mat der Resolutioun?

Ech gesinn, dat ass d'Unanimité. D'Resolutioun ass deementsprechend ugehall.

5. Demandes en naturalisation

Mir kommen dann zum leschte Punkt vun eise Ordre du jour haut, dat sinn d'Naturalisatiounen. Dofir muss ech de Huis clos ausspriechen.

(Le huis clos est prononcé à 18.08 heures et levé à 18.16 heures.)

De Huis clos ass opgehuewen an déi öffentlech Sitzung geet weider.

D'Chamber huet an hirer net öffentlecher Sitzung 61 Demandes en naturalisation mat Dispens vum zweete Vote constitutionnel ugehall.

Liste des nouvelles demandes en naturalisation adoptées par la Chambre des Députés le 6 avril 2006

- ADROVIĆ Sadržja, né le 2 janvier 1967 à Donja Vrbica (Serbie-et-Monténégro), demeurant à Schwebsingen
- BABACIĆ Munirka, née le 20 juin 1969 à Tucanje (Serbie-et-Monténégro), demeurant à Schwebsingen
- AVDIJA Avni, né le 8 février 1965 à Vushtri (Serbie-et-Monténégro), demeurant à Bettembourg
- SINANI Fatime, née le 18 juillet 1969 à Mitrovica (Serbie-et-Monténégro), demeurant à Bettembourg
- AYNETCHI Ali, né le 11 juillet 1952 à Téhéran (Iran), demeurant à Bereldange
- SEPEHRDAD Guita, née le 20 juin 1958 à Téhéran (Iran), demeurant à Bereldange
- BELLA ABANDA Marie-Laure, née le 19 janvier 1978 à Emana/ Monatéle (Cameroun), demeurant à Bereldange
- CANIFA PINTO Margarida, née le 30 décembre 1968 à São João Baptista/Porto Novo (Cap-Vert), demeurant à Mersch
- CHARRUE Dominique, née le 8 décembre 1975 à Mont-Saint-Martin (France), demeurant à Luxembourg
- DELGADO ALVES Ornélia, née le 6 juillet 1984 à Nossa Senhora da Luz/São Vicente (Cap-Vert), demeurant à Bettembourg
- DJUKANOVIĆ Aleksandar, né le 27 juillet 1972 à Smedevska Palanka (Serbie-et-Monténégro), demeurant à Luxembourg
- EICHIN Otmar Wolfgang, né le 15 juillet 1958 à Hasel (Allemagne), demeurant à Dorscheid
- ELMQUIST Kirsten, née le 29 décembre 1945 à Copenhague (Danemark), demeurant à Niederanven
- EMANUEL Adolf, né le 29 septembre 1938 à Trier (Allemagne), demeurant à Differdange
- FERREIRA DE SOUSA DIAS Manuel, né le 14 novembre 1962 à Capo/Valongo (Portugal), demeurant à Differdange
- GAO Jingsi, née le 2 janvier 1941 à Zhejiang (Chine), demeurant à Beringen
- GILLIS Cédric Claude Michel, né le 8 mars 1977 à Uccle (Belgique), demeurant à Hobscheid